PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
04 FEV. 2020
1822

Lëtzebuerg, den 03/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 28. Mee 2019 an de Reglement Grand-ducal vum 21. Februar 2018 bezeien sech op d'kritesch Infrastrukturen, déi laut NIS Direktiven 2016/1148 musse gesetzlech opgelëscht a pro Secteur/ Sous-Secteur kategoriséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei vill Betriber sinn zu Lëtzebuerg als kritesch Infrastruktur (OES) klasséiert ginn? Wei vill sinn dat der pro Secteur (Art 1 vum Règlement Grand-ducal)?
2. Wei vill signifikativ Teschefäll goufe bis ewell un CSSF an den ILR gemellt?
3. Goufe bis ewell Auditte vu kriteschen Infrastrukturen duerchgefouert? Wann net, ënner wei enge Konditioune ginn des festgeluecht a fir wéini sinn déi éischt virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 04 MARS 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 MARS 2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État à la question parlementaire n°1822 posée par l'honorable Député Monsieur Sven CLEMENT au sujet des infrastructures critiques.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1822 du 3 février 2020 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État à la question parlementaire n°1822 de Monsieur le Député Sven CLEMENT

D'Gesetz vum 28 Mee 2019 « portant transposition de la directive (UE) 2016/1148 (NIS Directive) du Parlement européen et du Conseil du 6 juillet 2016 concernant des mesures destinées à assurer un niveau élevé commun de sécurité des réseaux et des systèmes d'information dans l'Union européenne et modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'Information de l'État et la loi du 23 juillet 2016 portant création d'un Haut-Commissariat à la Protection nationale », huet eng europäesch Directive ëmgesat déi Regele virgesäit fir eng héich Sécherheet vun den informatesche Systemer a Réseau'en vu wichtege Servicer a verschiddene Secteuren ze garantéieren.

Dëst Gesetz definéiert den Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) als nationalen point de contact unique an och als kompetent Autoritéit fir all d'Secteuren ausser den Finanzsecteuren. Dëst heescht konkret, dass den ILR d'kompetent Autoritéit ass fir d'Secteuren Energie, Transport, Gesondheet, Verdeelung vun Drénkwaasser an digitalen Infrastrukturen. D'Commission de Surveillance du Secteur financier (CSSF) ass kompetent fir den Finanzsecteur.

An dësem Kontext, huet den ILR d'Reglement « ILR/N19/1 du 5 novembre 2019 portant sur la fixation des services essentiels » geholl fir déi eenzel Servicer an dëse Secteuren ze definéieren déi als essentiell Servicer gesi ginn. Doropshin huet den ILR dann och déi verschidden Bedreiwer vun den essentielle Servicer (opérateurs de services essentiels – OSE) designéiert, dat op Basis vun de Critèren déi am Artikel 7 vum Gesetz vum 28 Mee 2019 definéiert sinn. D'CSSF huet sengersäits déi Servicer, déi als "essentiell" gëllen, bestëmmt, an huet och verschidde Critèrë festgehalen.

Den ILR huet am Total bis elo 44 OSE identifizéiert: Energiesecteur: 12 OSE, Transportsecteur: 8 OSE, Gesondheetssecteur: 9 OSE, Verdeelung vun Drénkwaasser, 10 OSE an digital Infrastrukturen: 5 OSE. D'CSSF schätzt, dass manner wéi 10 Etablissementer ënnert deene vun hir festgehalene Critèrë wäerte falen an als OSE klasséiert wäerte ginn. Déi definitiv Lëscht vun den Etablissementer, déi ënnert der Surveillance vun der CSSF stinn an déi als OSE kéinte klasséiert ginn, ass nach net aktéiert.

Dem ILR goufen bis elo keng signifikativ Tëschefäll gemellt. D'CSSF huet eng Circulaire erausbruecht (CSSF 11/504), déi d'Etablissementer obligéiert déi ënnert der Surveillance vun der CSSF stinn, all Frauden an Tëschefäll déi vun informateschen Attacke kommen, ze mellen. Am Kader vun dëser Circulaire, huet d'CSSF am Joer 2019 am Total 16 Notifikatiounen krut. Et ass ze präziséieren dass dës Notifikatiounen awer vum gesamte Finanzsecteur kommen, an dass de Perimeter vun den Tëschefäll déi am Kader vun der Circulaire ze melle sinn, vun deem vun der Directive NIS ofwäicht. De Prozess fir d'Notifikatioune vun Tëschefall un d'CSSF gëtt nach finaliséiert.

Schlussendlech stellt den ILR de Bedreiwer vun engem OSE eng Plattforme (SERIMA.LU – Security Risk Management) zur Verfügung, mat der se kënnen, wéi am Gesetz virgesinn, eng Risiko Analyse maachen. Déi Plattforme, déi un déi eenzel Secteuren adaptéiert gëtt, ass am gaang élaboréiert ze ginn. Eng éischt Risiko Analyse wäert an dësem Joer méiglech sinn. Auditten sinn am Kader vum Gesetz vum 28 Mee 2019 méiglech awer net zwéngend, sou dass den ILR elo direkt net geplangt huet fir Auditten ze maachen.